Haut Samsdes den 21. März 2015 haten sech 20 Memberen vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg getraff fir een Dag ënner Gläichgesënnten um Lac de Rabais an der Belsch ze verbréngen. Bei naass kaalem Wieder mat éngem äisegen Wand woren mir ungetrueden fir um traditionellen Dag no der Generalversammlung zesummen mat eisem Präsident, dem Jeek, fëschen ze goën. Ewei mit unkomm sin wor natiirlech den Äender schon am gaangen ze fëschen mée neierdéngs kritt Hien awer an dësen Belaangen Kongkurenz ewell och den Bartholmé Patrick een Frühaufsteher ass deen och net fréih genuch bei d'Waasser kommen kann. Do unkomm hun mir eis natiirlech direckt bei Hinnen informéiert ewei et dann mat den Fësch géif ausgesin. Sie hun eis alle Béid verzielt dass Sie schon gudd gefaangen häten, mée ech méngen do haten se eis awer éng gekrëckelt ewell mir sollten dach séier feststellen dass et guer net esou einfach sollt gin fir bei dësem ongemitlechen Wieder Fësch ze fänken an deementspriechend hun d'Fëscher dann och vill beim fëschen geknoutert.

Ech hun mir awer soën geloos dass am Ufank vum Séi do ewou den Ponton an d´Waasser féiert et héich hirgaangen ass ewell den Jeek säin Onwiesen gedriwwen huet, Hien ass net nëmmen een gudden Präsident nee Hien huet och nach d´Fëschen am Blutt. Hien huet mat der Nymphe a vue geräibert an wor ganz an séngem Element.

Den Patrick wor zwar fréih um Dill mée Hien ass mir awer méi mat gekniwwels opgefall ewei dass ech Hien gesin hun Fësch fänken. Op méng Nofro hin sin ech dun beléiert gin dass dat trainéieren géif heeschen an vill schéin nei Wierder ewei „Washing Line“ hun ech dobäi och nach geléiert. Loossen mer et awer och richtég stellen, natiirlech huet den Patrick och vill Fësch gefaangen ewell Hien ass schliesslech een vun eisen beschten Fëscher am Veräin.

Den Jemp hat Haut richtég Ausdauer beim fëschen wat mech dach ee bëssen gewonnert huet wor Hien dach bei der Generalversammlung (natiirlech) erëm Een vun den Leschten déi d´ Luucht ausgemeet hun, mée esou sin se alt d´Fëscher, den leschten deen Owes Diir zou mécht awer Moies den Éischten erëm beim Waasser. Et ass mir awer beim Jemp opgefall dass Hien och ewell richtég gudd werfen kann, soll Hien éieren heemlech trainéieren?

Et sin dann och Fësch gefaangen gin mée et huet Een sech schon missen drun gin wann een séng Fësch fänken wollt, ech fir mäin Deel hun ungefaangen mam Blop an der Sinkschnouër, hun awer am Laaf vum Dag ëmmer erëm missen ëmstellen ewell d´Fësch sech séier op Alles angestallt haten, dat kënnt wuel och do hir dass ganz vill op dësem Séi gefëscht gët an och dat kloërt Waasser dréiht säin Deel dozou bäi dass d´Fësch sech ëmmer méi an d´Mëtt zeréck gezun hun. Dat erëm huet natiirlech déi Fëscher bevirdeelegt déi wäit geheien kënnen an dofir ass et och mat Amenter ewou d´Loft opkomm ass richtég schwéier gin un d´Fësch erun ze kommen. Den Clou wor awer een kléngen Hiecht deen den orangen Blop gehol hat, wat deen sech wuel dobäi geduecht hat?

Jidvereen huet säin Bescht gin an dofir huet den Raymond eis mat sénger Bounenschlupp verwinnt, séng Zop wor een Gedicht an hun mir an der Vergaangenheet op dëser Plaz oft missen am Waasser, eh pardon an der Zop missen no der Mëttwurscht sichen esou hun mir dës Kéier vun viller Mëttwurscht d´Zop bal net fond.

Den Luss huet sech ewei ëmmer dezent zeréck gehalen an huet ewei et ëm d'Iessen gaangen ass déi ganzen Zäit mam Fotoapparat gespillt schliesslech ass Hien jo am Regime, mée dës Kéier huet den Albert awer och ee bëssen mam Fotoapparat gespillt an ewoubäi huet Hien do den Luss déi ganzen Zäit erwëscht.... mée Belote an Rebelote.....

Esou ass och dës Sortie erëm vill ze séier eriwwer gaangen, mir hun Mëttes och nach ee puer Stonnen gefëscht an zeguer nach ee puer Fësch gefaangen mée déi Meeschten hun et awer gudd gesiedegt an déck zefridden ee bëssen méi lues ungoën geloos. Elo freën mir eis schon op eis nächsten Sortie déi eis dës Kéier schon ganz fréih am Joër op Saulxures an d'Vogesen féiert. Dës Kéier reesen schon vill Memberen Freides un fir een Dag méi kënnen op dësem schéin geleeënen Séi ze verbréngen. Saulxures ass een vun den Héichpunkten an eiser Saison an wann mir et elo och nach ee bëssen gudd mam Wieder erwëschen dann sin ech sécher dass mir och dës Kéier erëm voll op eis Käschten kommen.